# Invitatioun

## Zuch vun der Demokratie

An der Chambre des Députés, den 20.11.2019




Hei kënnt Dir Är Erënnerungsfoto
no der Visitt an der Chamber oppechen!

**30 Joer Kanner-rechter**

**20.11. 2019**

## Dir hutt eng Iddi?
## Dir wëllt eppes veränneren?
## Dir plangt eng Aktioun?

KANNER BUREAU WOLTZ

OPERATED BY COOPERATIONS

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Mat der Ënnerstëtzung vun:

CFL

# Léif Kanner,

Heimat invitéiere mir Iech häerzlech op e Rendezvous mat den Deputéierten an der Chamber.

Mir treffen eis moies, den 20. November 2019 op der Gare an der Stad. Vun do aus fuere mir mat all deenen anere Gruppen zesummen an d'Chamber a presentéieren den Deputéierten eis Wënsch a Virstellungen, déi mir am Viraus gebastelt, gemoolt an opgeschriwwen hunn. Dat kënnt Dir op Kartongsfigure pechen, sou wéi déi op der nächster Säit.

Mir géifen eis freeën, wann Är Klass oder Äre Grupp dobäi wier.



# Thema ass dëst Joër KLIMASCHUTZ

## Fir d'éischt... Wat wëllt Dir selwer änneren?

Déi Aktioun kënnt op déi méi kleng Figur.

## A wat sollen eis Deputéiert maachen?

Dat kënnt op déi méi grouss Figur.





**Informatiounen an Umeldung:**
info@zpb.lu
(+352) 24 77 52 72